

Fix Radaren

Ganz vill Protokoller, Contestatiounen hale sech a Grenzen

Zanter bal 2 Woche gëtt laanscht d'Lëtzebuenger Stroosse geblëtzt. Vill Leit kruten och scho Post Heem, Contestatiounen goufen et awer nach net sou vill.

Leschten Update: 31.03.2016, 09:42:49

110 Commentaire(n)

E-Mail schécken

Printen

Recommend

225

Tweet

G+

Links

AUDIO: Scho vill Protokoller / Reportage vum Pit Everling


Themen

Auto

Auto: Am meeschte gelies

Haut Gësch Dës Woch Lescht Woch

1. Nürburgring: Auto mat Placken, déi ee verstoppe kann, ënnerwee
2. Tesla Model 3: 115.000 Leit hunn d'Gefier scho virbestallt
3. Protester géint belsch Maut: Blockagé vun E411 sinn eriwwer
4. Autotest vum 31. März 2016: Ford Focus RS & Honda Civic Type R
5. Radaren: Schonn iwwer 10.000 Mol geblëtzt



© RTL

Zanter knapp 2 Wochen hunn déi fix an déi mobil Radare scho ganz vill Chauffeuren erwëscht, vill méi wéi gemengt, esou heescht et bei der Police. Net jiddereen ass awer d'Accord mat der Post déi Heem kënnt. An deem Fall kann ee contestéieren.

Et wier nach ze fréi fir genee Zuelen, seet d'Police. Ma där Contestatioune goufen et der awer natierlech schon. Kuckt een déi grouss Unzuel vu Protokoller, da waren et allerdéngs net esou vill Leit, déi net d'Accord waren. De Laurent Lentz vun der Police de la route seet dann och, datt et bei de meeschte Contestatiounen net d'Vitesse ass déi a Fro gestallt gëtt.

Eng Case, déi besonnesch ugekräizt gëtt ass déi, dass en Anere gefuer ass, zum Beispill d'Elteren d'Kanner fuere gelooss hunn.

D'Auerzäit war dann zum Beispill e Problem bei engem Client vun der Lëtzebuenger Geolocalisatiounsfirma *Skycom*, déi de System *Winfleet* verkeeft. D'Gefierer kréien do extra Bordcomputeren agebaut. Am Fall vun engem Client, deen direkt de 16. März geblëtzt gouf, hunn d'Donnéee vum *Winfleet*-System net mat deene vum Radar, also dem Lasersystem vum Apparat zu Gonnereng, iwwertene gestëmmt.

De Georges Schaaf vu *Skycom* seet, datt do e groussen Ënnerschied bei der Zäitmessung besteet. An deem Beispill gouf et um 09.24 Auer eng Messung op der Héicht vun deem Radar, de Protokoll um Radar ass awer um 09.30 Auer gemaach ginn. Dem Bordcomputer no, war d'Gefier um 09.30 Auer schon um Kierchbierg.

Bei wem do den Iertum läit muss nach gekläert ginn.

Vun offizieller Säit ass et jiddefalls de Rappel, datt d'Homologatiounsprozeduren allegueren agehale goufen. De Claude Liesch, Direkter vun der Société Nationale de Certification et d'Homologation betount, datt déi Apparater ganz detailléiert getest ginn an d'Eichung gouf

op engem héchstméiglechen Standard duerchgefouert, déi et gëtt.

D'Toleranzinterpretatioun wier iwwregens sou large ewéi technesch méiglech.

En anere Problem ass jo deen, datt d'Chauffeuren et gesi blätzen, ma et ass net onbedéngt fir si. D'Danielle Frank aus dem Nohaltegeeketsministère erklärt, datt an deem Fall dat Gefier aus dem Géigeverkéier geblätzt ginn ass, wann ee selwer net ze séier ënnerwee wor. Ass een sech net sécher, soll een ofwaarden bis een e respektiivt Schreiwes kritt, ob et sou war oder net.

Aus dem Ministère kommen dann nach 2 Präzisiounen zu zwéi Radaren. Deen zu Märel ass deen eenzegen, dee just an eng Richtung blätzt, am Viséier sinn d'Chaufferen, déi vun der Escher A4 a Richtung Stad ënnerwee sinn.

Den Apparat zu Ettelbréck blätzt just um Contournement selwer. D'Chaufferen déi vun der Ettelbrécker Opfaart kommen, sinn, sou laang se net op der B7 drop sinn, net betraff.

Publicité

